LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°4387 vum 3. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Ëmsetzung vu Geriichtsurteeler**

**1. Wéi eng Verwaltung ass zoustänneg, fir no der Annulatioun vun enger administrativer Decisioun d'Situatioun vun engem betraffenen Agent administrativ nei ze qualifizéieren oder ze rekonstituéieren ?**

Grondsätzlech, ass déi Autoritéit zoustänneg fir en Urteel ëmzesetzen, där hir Decisioun annuléiert ginn ass, ausser wann d'Annulatioun gesprach ginn ass well dës Autoritéit net zoustänneg war. An dësem Fall, muss dann déi zoustänneg Autoritéit d'Decisioun huelen.

**2. Muss eng Verwaltung am Kader vu Personalaffären, no enger Geriichtsdecisioun, eng zousätzlech, separat a motivéiert Decisioun iwwert déi administrativ, finanziell, sozialversécherungsrechtlech a statutaresch Konsequenze vun dëse Geriichtsdecisiounen huelen?**
**3. Geet et duer, dass d'Verwaltung eng duerch d'Geriicht annuléiert Decisioun just annuléiert oder muss d'Verwaltung eng Period nei qualifizéieren, an där déi annuléiert Decisioun Wierkunge produzéiert hat?**

D'Verwaltung ass verpflicht, d'Geriichtsurteel vollstänneg auszeféieren. Ausser wann nom Urteel keen Objet a kee Besoin méi fir eng nei Decisioun besteet, muss déi kompetent Autoritéit den Dossier nei ënnersichen an eng nei Decisioun huelen, déi dem Dispositif an der Motivatioun vum Urteel Rechnung dréit.

Eng separat a motivéiert Decisioun ass besonnesch néideg, wann d'Verwaltung nach feststellen oder bewäerten muss:

– a wéi enger administrativer oder statutarescher Situatioun den Agent sech wärend der betraffener Period befonnt huet;

– wéi eng Auswierkungen d'Annulatioun op seng Pai, seng Anciennetéit, seng Karriär oder seng Pensiounsrechter huet;

– oder ob nach aner individuell Ausféierungsmoossnamen ze huele sinn.

Déi nei Decisioun muss vun der kompetenter Autoritéit geholl ginn, adequat motivéiert sinn an däerf weder dem Dispositif, nach der Motivatioun vum Urteel, déi seng noutwendeg Ënnerlag bilden, widdersprechen.

Wann d'Konsequenzen dogéint direkt an eendeiteg aus dem Urteel an aus den zoutreffende Bestëmmungen ervirginn an der Verwaltung kee Bewäertungsspillraum méi bleift, kënnen dës Konsequenzen duerch reng Ausféierungsmoossnamen ëmgesat ginn. Och an deem Fall soll den Agent schrëftlech iwwer seng rekonstituéiert administrativ, finanziell a statutaresch Situatioun informéiert ginn.

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu

**4. Wéi eng Roll spillt de Ministère fir den ëffentlechen Déngscht an esou Situatiounen?**

De Ministère fir d'Fonction publique (MFP) ass zoustänneg fir den allgemenge statutareschen a reglementaresche Kader vun der Fonction publique a suergt, am Beräich vu senge Kompetenzen, fir eng kohärent Uwendung vun dësem Kader.

D'Ausféierung vun engem Geriichtsurteel an d'Rekonstitutioun vun der individueller Situatioun vun engem Agent falen awer grondsätzlech an d'Zoustännegkeet vun där administrativer Autoritéit, déi den Dossier ze behandelen an déi néideg individuell Decisiounen ze huelen huet. Den MFP trëtt net un d'Plaz vun dëser Autoritéit a kann hir och net virschreiwen, wéi si e Geriichtsurteel an engem konkrete Fall auszeleeën oder ëmzesetzen huet.

Den MFP kann déi betraffen Administratioun, op hir Ufro hin, a Froen iwwer d'Uwendung vun de statutaresche Bestëmmunge beroden an zu enger kohärenter Verwaltungspraxis bäidroen. Dës Berodung befreit déi kompetent Autoritéit awer net vun hirer eegener Verantwortung, d'Reechwäit vum Uerteel ze bestëmmen, den Dossier nei ze ënnersichen an déi erfuerderlech Decisiounen ze huelen.

Souwäit eng Decisioun Auswierkungen op d'Berechnung oder d'Ausbezuele vun der Pai huet, ginn dës vum CGPO ëmgesat.

Eng direkt Entscheedungskompetenz vum Minister fir d'Fonction publique besteet nëmmen an deene Fäll, an deenen eng gesetzlech oder reglementaresch Bestëmmung him ausdrécklech eng Kompetenz fir déi betreffend individuell Decisioun zouweist. An esou engem Fall muss och hien d'Geriichtsurteel vollstänneg respektéieren an déi néideg Konsequenzen am Kader vu senger eegener Kompetenz zéien.

Lëtzebuerg, den 21.08.2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes